

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2021

Monsieur Fernand ETGEN  
Président de la Chambre des Députés  
LUXEMBOURG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit,  
bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro un d'Madamm  
Kulturministeschesch weiderzeleeden:

*„Déi eelste Klack vu Lëtzebuerg, datéiert aus dem Joer 1440, ass  
vun Uewerdonwen an 2016 fir d'lescht gelaut ginn. Klacke  
gehéieren ouni Zweiwel zum kulturelle Patrimoine vu Lëtzebuerg.  
Queesch duerch Europa an duerch eist Land gëtt et net nëmme  
Kiercheklacken. A ville Länner laude Klacken haut nach am Fall  
vu Gefor, vu Stuerm, vun engem Brand, fir national a weltwäit  
Trauer auszedrécken oder einfach nëmme fir d'Auerzäit  
unzekënnegen.*

*An Däitschland ass d'Gloriosa (1497), déi an engem vun den  
Tierm vum Doum zu Erfurt hänkt, déi gréisste mëttelalterlech  
Klack op der Welt, déi fräi schwéngt an déi vun hirem Klang hir  
zu deene schéinsten an Europa gehéiert.*

*D'Laude vun de Klacken zu verschiddenen Dageszäiten, awer och  
am Ufank an eventuell och um Enn vun de reliésen Déngschter  
oder einfach als Péis gehéiert zum gewinnte Klangraum vun  
eisen Uertschaften, besonnesch am ländleche Raum.*

*A Frankräich gëtt et eng Initiativ, déi ënner anerem drop  
rausleeft fir d'Laude vun de Kiercheklacken als immaterielle  
Patrimoine klasséieren ze loossen an en op d'Lëscht vun der  
Unesco setzen ze loossen. Sou wäit muss ee vläicht net direkt  
goen, ma et wier awer gutt, wann ee mol fir d'éischt en nationale  
Klassement kéint virgesinn.*

*An deem Kontext wollt ech der Madamm Kulturministeschesch  
folgend Froe stellen:*

- 1. Gëtt et e geneeë Regëster an deem all historiesch relevant  
Klacke vum Land repertoriéiert a beschriwwen sinn?*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

2. *Wéi vill Klacken si méttlerweil als Deel vun eisem kulturelle Patrimoine geschützt? Wéi vill sollen der nach geschützt ginn – zemol wa Kierchen desakraliséiert ginn?*
3. *Gräift de Kulturministere op de Rot vun Experten aus dem Ausland zréck fir historesch Klacken zu Lëtzebuerg schützen ze loossen?*
4. *Huet d'Madamm Ministesch wëlles d'Laude vun de Kiercheklacken op nationalem Plang als immaterielle Patrimoine vu Lëtzebuerg schützen ze loossen? “*

Här President, ech soen Iech villmools Merci, datt dir dës Fro weiderleet a gréissen Iech héiflech.

André BAULER  
Deputéierten